Reglement N° 18 12.7.2007

Albatrossen

Definitioun

Albatross ka jidderee ginn, dee méi al ass wéi 23 Joer an dee weiderhin aktive Guidissem / Scoutissem bedreiwe wëllt. D'Albatrosse si Member vum Verband. Eng Albatross-Unitéit heescht „Hickecht".

Ziler

Ziler sinn:

- D'Engagement als Guide/Scout zesumme mat Frënn weiderféieren;
- Konkrete Guidissem / Scoutissem liewen;
- Konkret Aktiounen ënnerhuelen, déi anere Mënschen, der Ëmwelt, dem Verband, dem Grupp, ... notzen.

Ziler an Aktivitéite mussen am Aklank mat de Statuten, **Prinzipien a Grondsätz** vun den LGS stoen.

Organisatioun

Eng Albatross-Hickecht kënnt regelméisseg zesummen. De jeeweilege Rhythmus gëtt vun de Membere bestëmmt.
Um Ufank vum Guide-Scoutsjoer ernennt d'Team op Propositioun vum Grupperot e lokale Responsabel fir all Hickecht. Dëse Responsabel muss un engem vum Verband organiséierten Informatiounsowend deelhuelen. Hie ka sech vun engem Member vu senger Hickecht vertriede loossen.

Koordinatioun

D'Team nennt een nationalen Uspriechpartner fir d'Dauer vu sengem Mandat. Dësen Uspriechpartner suergt fir d'Koordinatioun tëscht deene verschiddenen Hickechten, organiséiert eemol am Joer en Informatiounsowend fir déi lokal Responsabel, geréiert d'Umeldunge fir Campen a Weekender.

Badge

D'Albatrossen droen d'Verbandsuniform an en eegene Badge op engem Verbandsfoulard.